N°398
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, a vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 398 vum 28. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement a vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Am Kontext vun der oft thematiséierter an uviséierter gemeinsamer Approche mat eisen Nopeschlänner, wéi positionéiert sech de Ministère par rapport zum Constat dass et an eisem Nopeschland mat dësem Gesetz zu Ënnerscheeder kënnt, wat de Cannabiskonsum ugeet?*

*2. Ginn et Iwwerleeungen sech legislativ un de Bestëmmungen op däitschem Niveau ze alignéieren, besonnesch wat den ëffentleche Raum ugeet? Falls net, wat sinn d'Grënn heifir?*

*3. Wéi gesäit de Planning zu Lëtzebuerg aus a wéi eng konkret legislativ Schrëtt sinn an dësem Kontext an den nächste 5 Joer geplangt? Gëtt et e konkreten Timing wéini dës wieder Schrëtt geplangt sinn?*

Eng Reform vun der lëtzebuergescher Gesetzgebung ass aktuell net virgesinn. Esou huet d'Regierung an hirem Koalitiounsaccord 2023-2028 zum Thema Cannabis festgehalen: « *La culture du cannabis pour usage personnel telle qu'elle fut légalement encadrée sera maintenue. Le Gouvernement observera la position des trois pays avoisinants sur la légalisation du cannabis.* »[1]

An Däitschland wäert eng éischt onofhängeg Evaluatioun vun de gesellschaftlechen Auswierkunge vun hirem neie Gesetz 18 Méint nom Akraafttriede virgeholl ginn, an eng méi ausféierlech Evaluatioun, e.a. vun den Auswierkungen op de Kanner- a Jugendschutz, op de Gesondheetsschutz an op d'Kriminalitéit am Zesummenhang mam Cannabis, spéitstens véier Joer nom Akraafttriede gemaach ginn. Dëse Prozess wäert d'Regierung suivéieren, wéi och méiglech Entwécklunge vun der Legislatioun an den zwee aneren Nopeschlänner.

[1] Accord de coalition 2023-2028 p.100

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*4. Ginn et Zuelen déi de Konsum vu Cannabis zu Lëtzebuerg beschreiwen? Falls jo, kënnen dës Zuele mat der Chamber gedeelt ginn? Falls nee, sinn esou Etüden en cours oder wéini plangt de Ministère däraarteg Etüden ze lancéieren?*

De lëtzebuergesche Point Focal vum « Observatoire Européen des Drogues et des Toxicomanies » erhieft reegelméisseg am Kader vum senger Missioun eng ganz Rei Zuelen iwwert de Konsum vu Cannabis.

Dozou gehéiere follgend Etuden, déi all via de Site „santé.lu“ ëffentlech zougänglech sinn an am Nationalen Droge Rapport vun 2022 ze fanne sinn:

- Den "European Health Interview Survey (EHIS)" vun 2019 ;
- D'Etudë iwwert "Health Behaviour in School-aged Children (HBSC)" vun 2022 ;
- D'Etudë vum "Réseau Luxembourgeois d'Information sur les Stupéfiants et les Toxicomanies (RELIS)" vun 2022 ;
- Den "European Web Survey on Drugs (EWSD)" vun 2021.

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez